



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2022

Här President,


Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Krise als Chance nutzen*", deen den 20. September am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt déi Lëtzebuenger Start-Up-Branche notamment bedauert, datt et zu Lëtzebuerg un attraktive Méiglechkeete feelt, fir Investitiounen an nei gegrënnten Entreprisë kënnen ofzesetzen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Finanzminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert, wéi eng natierlech a juristesch Persoune wéi eng Montanten ënnert wéi eng Konditiounen déi éischt fënnef Joer no der Investitioun an e Start-Up kann ofsetzen, wann een en Deel oder souguer de ganzen Asaz verléiert oder den Asaz zwar nominell (ouni Berécksiichtegung vum Wäertverloscht duerch d'Inflatioun) erëmkritt awer kee Benefice realiséiert? Kann d'Madamm Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wou si Spillraum fir weider steierlech Ureizer gesäit, fir d'Start-Up Kultur zu Lëtzebuerg ze stäerken?
- 2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi Revenuen aus Kapital dat an e Start-Up investéiert gouf, während den éischte fënnef Joer besteiert gëtt? Kann d'Madamm Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wou si Spillraum fir weider steierlech Ureizer gesäit, fir d'Start-Up Kultur zu Lëtzebuerg ze stäerken?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten